Chorale
Municipale

a.s.b.l.

**Fondée en 1920**
**www : chorale-bettembourg.com**

# Statuten

Geneemegt vun der ausseruerdentlecher Generalversammlung vum 17. Oktober 2024. Dës Statute setzen all viregt Statuten ausser Kraaft.

## Bezeechnung

De 17. Januar 1920 gouf de Männergesangveräin Sängerfreed zu Beetebuerg gegrënnt. De 24. November 1945 gouf de Veräin als gemëschte Chouer bestëmmt.

Duerch Gemengerotsbeschloss vum 24. Abrëll 1953 gouf et dunn d'Chorale Municipale"Sängerfreed" Bettembourg.

D'Chorale Municipale Sängerfreed Bettembourg huet vum 1. Januar 1997 un de Statut vun enger « association sans but lucratif ».

D'Generalversammlung vum 17. Oktober 2024 huet beschloss datt d'Chorale Municipale Sängerfreed Bettembourg a.s.b.l. seng Statute geméiss dem Gesetz vum 7. August 2023 ëmännert.

## A) Ziel an Zweck vun eiser Gesellschaft

D'Chorale Municipale "Sängerfreed" Bettembourg a.s.b.l. ass eng Gesellschaft ouni Gewënnzweck an huet säi Sëtz am KulTourhaus, 8, rue de l'école zu L-3341 Hunchereng (Gemeng Beetebuerg).

D'Gesellschaft huet als Zweck d'Ausbildung an d'Beliewe vum Gesank duerch praktesch Uebung, Opféierung vu Gesank- an Theaterstécker, an d'Festlechkeeten an d'Veranstaltunge mat hirem Gesank ze verschéineren.

Si gëtt hire Memberen d'Geleeënheet hir kulturell Fräizäitbeschäftegung auszeüben. Si soll och d'geselleg Ënnerhalung ënnerstëtzen. Si huet zum Zweck déi eenzel Memberen unzesspornen Solidaritéit, Flichtgefill an Asaz fir eng gemeinsam Aufgab ze leeschten a fir Rou, Besënnlechkeet a Gemittlechkeet an d'Liewe vun de Mënschen ze bréngen. D'Gesellschaft ka sech direkt oder indirekt un all Organisatioune bedeelegen.

D'Dauer vun der Gesellschaft ass onbeschränkt.

# B) Zesummesetzung vum Veräin

**De Veräi besteet aus:**

a) aktive Memberen
b) Komiteesmemberen
c) inaktive Memberen
d) Éierememberen

a) **aktiv Membere** sinn déijéineg, déi zum Kouer gehéieren. Si huelen un alle virgeschriwwene Rechter, Flichten a Verflichtungen deel. Si heeschen am weideren Text Memberen.

b**) dem Kommitee** si sämtlech aktiv Membere berechtegt bäizetrieden an héchstens 4 inaktiv Memberen.

c) **inaktiv Membere** sinn déijéineg, déi duerch e järleche Bäitrag an duerch hir Rotschléi zum Wuel vun der Gesellschaft beidroën.

d) **Éieremembere** vum Veräin kënnen nëmme Membere vun der Gesellschaft ginn, déi duerch laangjäreg Verdéngschter fir d'Gesellschaft eng besonnesch Unerkennung verdéngen.

D'Ernennung zum Éieremember geschitt op Virschlag vum Kommitee a bedéngt d'absolut Majoritéit vun der Generalversammlung. Den Éieremember kann och den Titel vu senger leschter Fonctioun am Veräin droen.

Den Éieremember muss net Member vun der Chorale sinn, huet awer Stëmmrecht an der Generalversammlung.

# C) Antrëtt an d'Gesellschaft

Jiddereen deen interesséiert ass ka Member vun der Gesellschaft ginn. All Member muss e festgeluechte Joresbäitrag bezuelen.

Eng Lëscht mat de Nimm, Virnimm, Beruff, Adress a Nationalitéit vun de Memberen a Kommiteesmembere gëtt an enger elektronescher Datebank vun der Chorale verwalt an ofgespäichert.

Net aktive Member aus dem Kommitee an de Fähnrich si Member vun der Chorale.

# D) Austrëtt

Den Austrëtt vun engem Member erfollegt, wa méiglech mat Begrënnung, schrëftlech oder mëndlech un de Kommitee. En neien Antrëtt an de Veräin gëtt vum Kommitee guttgeheescht.

All Member, dee säi Joresbäitrag net virum Enn vum Joer bezilt, ass net méi Member a gëtt vun der Memberslëscht gestrach.

## E) Ausschloss

All Member dee géint d'Interesse vum Veräin handelt an deen duerch säi Verhalen oder seng Tätegkeet d'Gesellschaft schiedegt, kann duerch d'Generalversammlung mat absolutter Stëmmemehrheet ausgeschloss ginn.

De Member muss awer virdrun d'Méiglechkeet kréie mam Kommitee Aussproch ze halen, an an der Generalversammlung seng Argumenter virzebréngen.

De Kommitee huet d'Recht, Membere bis zur nächster Generalversammlung ze suspendéieren, wann hiert Behuelen net de Statuten entsprëcht. Dës Membere musse schrëftlech virun de Kommitee bestallt ginn, wou si d'Méiglechkeet kréie, sech zerechtfertegen.

Austriedend oder ausgeschlosse Membere souwéi d'Iewe vun engem verstuerwene Member hu keen Usproch op d'Veräinsverméigen oder op Rëmzebezuele vu geleeschte Cotisatiounen.

Beim Ausschloss oder Austrëtt aus der Gesellschaft, si sämtlech Materialien déi dem Veräi gehéieren a guddem Zoustand bannen 30 Deeg zréckzeginn. Material, dat feelt oder gefléckt muss ginn, gëtt op Käschte vum Member ersat oder gefléckt, wann et dem Member seng Schold ass.

## F) Cotisatiounen

De järleche Bäitrag fir déi aktiv- an inaktiv Membere gëtt all Joer an der Generalversammlung festgeluecht.

## G) Leeschtunge vum Veräin

Bei Veräinsveranstaltungen kann de Kommitee de Memberen esou wéi hire Familljemembere Reduktiounen zougestoen.

Kaddoen oder Gesten déi de Veräi fir seng aktiv oder inaktiv Membere mécht, ginn no deene Kriteren wéi se an enger spezieller Kommiteessëtzung festgeluecht ginn, geleescht.

No all Ännerung ginn all dës Kriteren an der nächst follgender Generalversammlung vun der Majoritéit guttgeheescht.

## H) Prouwen

D'Prouwe gi geleet vum Dirigent (männlech/weiblech) (m/w), Si ginn zesumme mam Kommitee festgeluecht.

Di aktiv Memberen hunn dem Dirigent (m/w), sengen Uweisungen ze follegen.

D'Prouwe gi pünktlech un a sinn eescht a sachlech ze befollegen.

# I) Verwaltung

**Zur Gesellschaft gehéiere follgend Organer:**

a) d'Generalversammlung

b) de Kommitee

c) déi aktiv Memberen (Sängerversammlung)

## a) Generalversammlung

All aktive Member ass stëmmberechtegt a bild en Deel vun der Generalversammlung.

All stëmmberechtegt Membere vun der Gesellschaft bilden d'Generalversammlung. Inaktiv Memberen hunn Zoutrëtt zu der Generalversammlung, awer kee Stëmmrecht.

D'Geschäftsjoer fänkt den 1. Oktober un an hält dat follgend Joer den 30. September op.

De Kommitee bestëmmt all Joer den Datum vun der Generalversammlung déi am Laf vum 1.Trimester vum Veräinsjoer awer spéitstens bis den 31. Dezember ofgehale gëtt.

De Kommitee kann zu all Zäit, wann erfuerdert eng Generalversammlung oder eng Sängerversammlung aberuffen.

D'Aberuffung fir d'Generalversammlung mat der Dagesuerdnung geschitt op d'mannst 15 Deeg virum Termäin, per Courrier oder op elektroneschem Wee.

Eng ausseruerdentlech Generalversammlung kann aberuff ginn op Beschloss vum Kommitee oder wa mindestens 1/3 vun den aktive Memberen dëst schrëftlech verlaangen. D'Demande fir eng ausseruerdentlech Generalversammlung muss spéitstens 1 Mount virum Datum mat der genauer Begrënnung an enger Dagesuerdnung schrëftlech un de Kommitee agereecht ginn.

D'Generalversammlung befaasst sech virun all anere Beschloss mat follgende Punkten:

1) Usproch vum Präsident (m/w)
2) Rapport iwwer di lescht Generalversammlung
3) Rapport iwwer di vergaange Joresaktivitéiten
4) Finanzbericht iwwer dat vergaangent Veräinsjoer
5) Rapport an Entlaaschtung vun de Keeserevisoren(m/w)
6) Wiel vum Präsident (m/w) (all 2 Joer)
7) Wiel vum Kommitee (deelweis)
8) Wiel vun de Keeserevisoren (m/w)
9) Festleeë vum Joresbäitrag fir aktiv an inaktiv Memberen
10) Virstelle vun der Joresaktivitéit vum nächste Veräinsjoer
11) Wuert vun eisem Dirigent (m/w)
12)Medaileniwwerreechung (wann erfuerdert)
13) Verschiddenes

All weider Propositioun, déi d'Ënnerschrëft vu mindestens 1/20 vun de Memberen dréit, muss op d'Dagesuerdnung kommen.

All uerdentlech aberuffe Generalversammlung ass beschlossfäheg, egal wivill stëmmberechtegt Membere physesch oder per Videokonferenz deelhuelen.

All Member kann, wann e wëllt, een anere Member mat Prokuratioun representéieren. Dës Prokuratioun muss virun der Generalversammlung beim Präsident (m/w) hannerluecht ginn.

Stëmmberechtegt sinn all Memberen, déi mindestens 14 Joer al sinn. All Beschlëss an der Generalversammlung musse mat absolutter Stëmmemajoritéit an offener, oder wann ee Member dat verlaangt, a geheimer Ofstëmmung gefaasst ginn.

Statutenännerungen an Ausschloss aus der Gesellschaft, musse mat enger 2/3 Majoritéit beschloss ginn. Dës Beschlëss si verbindlech fir all Memberen, och fir déi, déi net an der Generalversammlung waren.

Bei Stëmmegläichheet ass d'Demande verworf.

De Sekretär (m/w) mécht e Rapport iwwer all Berodungen a Beschlëss vun der Generalversammlung. Verschidde Beschlëss ginn dann nom Gesetz vun der a.s.b.l. am Memorial veräffentlecht. Ausserdeem gëtt de Rapport vun der Generalversammlung am Sëtz vun der Gesellschaft fir di aktiv Memberen ausgehaang, oder iwwert den elektronesche Wee zoukomme gelooss.

Eng Statutenännerung kann nëmmen duerch eng ausseruerdentlech Generalversammlung virgeholl ginn.

## b) de Kommitee

D'Verwaltung vum Veräin läit an den Hänn vum Kommitee.

De Kommitee besteet aus dem Präsident (m/w) an op d'mannst 8 an héchstens 14 Memberen.

De Präsident (m/w) gëtt op d'Dauer vun 2 Joer duerch d'Generalversammlung gewielt.

D'Kandidate fir de Kommitee musse groussjäreg sinn.

D'Kommiteesmembere ginn an der Generalversammlung gewielt. Kandidature kënne bis zu de Walen an der Generalversammlung gestallt ginn.

Am Kommitee kënnen héchstens 4 inaktiv Membere sinn.

D'Dauer vum Kommiteesmandat ass 2 Joer, jee nodeem wéi d'Austrëttsserie vum Kommitee festgeluecht gëtt. Austriedend Kommiteesmembere kënnen erëmgewielt ginn. D'Membere ginn duerch geheim Wale gewielt. Wa Stëmmegläichheet besteet fir dee leschte Posten ze besetzen, ass den eelste Kandidat gewielt.

Wiele per Akklamatioun ass nëmmen zoulässeg, wa keen Asproch vun der Generalversammlung erhuewe gëtt.

De Kommitee bestëmmt an der 1. Sëtzung no der Generalversammlung aus senger Mëtt en 1. an 2. Vize-Präsident (m/w), e Sekretär (m/w) an e Caissier (m/w).

Eng Demissioun aus dem Kommitee am Laf vun engem Mandat, soll schrëftlech begrënnt ginn.

Bei deene Mandater déi duerch e Stierffall oder eng Demissioun am Laf vum Joer frei ginn, huet de Kommitee d’Recht déi Mandater nei ze besetzen, déi dann an der nächster Generalversammlung bestätegt ginn.

De Kommitee huet d’Recht Reglementer ze erloossen, déi d’Rechter an d’Flichte vun de Memberen an der Gesellschaft festleeën. Et ass seng Flicht, d’Ausféierung vun de Statuten ze iwwerwaachen, d’Beschlëss vun der Generalversammlung auszeféieren an d’musikalesch Aktivitéite vun der Gesellschaft op all Manéier ze garantéieren.

De Kommitee kann iwwer all déi Fäll entscheeden, déi an de Statuten net virgesi sinn.

De Kommitee vertrëtt d’Gesellschaft bei all Akten, déi ufalen, a Geschäfter mat Privatpersounen oder ëffentlech Verwaltungen an Anstalten.

E perséinlecht Hafte fir eventuell Veräinsscholden zu Laaschte vun de Komiteesmembere besteet net.

Kommiteessëtzunge gi vum Präsident (m/w) per Courrier oder op elektroneschem Wee aberuff oder op Ufro vun 1/3 vun de Kommiteesmembere. De Kommitee ass beschlossfäheg wann d’absolut Majoritéit entweder physesch oder per Videokonferenz present ass.

Wann de Kommitee am Ufank vun der Sëtzung beschlossfäheg ass an dann e puer Membere fortginn, kann d’Dagesuerdnung virugefouert ginn, souwäit net méi ewéi 2 Stëmmen zur absolutter Majoritéit feelen.

Gëtt d’Majoritéit net erreecht, da gëtt eng nei Sëtzung banne 14 Deeg aberuff. Dës 2. Sëtzung ass beschlossfäheg ouni Rücksicht op d’Zuel vun de Memberen, déi präsent sinn.

Kommiteesbeschlëss gi mat absolutter Stëmmemajoritéit vun deenen, déi präsent sinn, getraff. Enthalunge gi fir d’Gesamtstëmmenzuel net berücksichtegt. Bei Stëmmegläichheet a Sachfroën entscheet de Virsëtzenden, a Persounefroën d’Lous.

All Kommiteesbeschlëss ginn an engem Rapport festgehal. E kuerzgefaasste Rapport kréien d’Memberen an der nächster Kommiteessëtzung oder iwwer elektronesche Wee matgedeelt.

Op Invitatioun vum Kommitee kann den Dirigent (m/w) oder aner Invitéeën als Beroder un de Kommiteessëtzungen deelhuelen.

Kommiteesmemberen déi ouni treftege Grond un 3 Komiteessëtzungen hannereneen nët do waren, kënne suspendéiert ginn.

## c) Aktiv Memberen (Sängerversammlung)

Aktiv Membere mat de Kommiteesmembere vun der Gesellschaft bilden d’Sängerversammlung.

Den Dirigent (m/w) kann an der Sängerversammlung, op Invitatioun vum Kommitee als Beroder derbäi sinn.

D’Sängerversammlung gëtt vum Präsident (m/w) aberuff, wann de Kommitee et fir noutwendeg fënnt oder wann op d’mannst 1/5 vun den aktive Memberen dëst verlaangen.

D’Aberuffung fir d’Sängerversammlung ass schrëftlech oder iwwer elektronesche Wee mat enger Dagesuerdnung a muss wéinegstents 10 Deeg am viraus matgedeelt ginn.

Propositioune, Wënsch an och Reklamatiounen aus der Sängerversammlung ginn an engem Rapport festgehal an dem Kommitee virgeluecht. A bestëmmte Fäll muss ofgestëmmt ginn, fir d'Meenung vun der Majoritéit vun den aktive Membere festzehalen. Propositiounen aus der Sängerversammlung mussen am Kommitee diskutéiert ginn. Déi lescht Decisioun bleift beim Kommitee.

## J) Rechter a Flichte vun de Memberen

All aktive Member ass berechtegt, sech beim Kommitee ze beschwéieren an Anträg ze stellen.

All Member ass verflicht, den Aktivitéite vun der Gesellschaft bäizewunnen, ouni bezuelt ze ginn.

### **Präsident** (m/w)

De Präsident (m/w) representéiert d'Gesellschaft. Hien huet de Virsëtz an der Generalversammlung, an de Kommiteessëtzungen an an anere Veräinsversammlungen, bei Festlechkeeten oder anere Veranstaltungen. Op säin Uerder ginn d'Kommiteessëtzungen aberuff. Hien ënnerschreift mat dem Sekretär (m/w) oder dem Caissier (m/w) all Veräinsdokumenter.

### **Vizepräsidenten** (m/w)

Wann de Präsident (m/w) net do ass, iwwerhëlt den 1. Vize-Präsident (m/w) seng Rechter a Flichten. Bei Ofwiesenheet vum Präsident (m/w) an 1. Vize-Präsident (m/w) trëtt den 2. Vize-Präsident (m/w) an hir Rechter a Flichten. Bei Ofwiesenheet vum Präsident (m/w) an de Vizepräsidenten (m/w) iwwerhëllt den Déngschteelsten aus dem Kommitee, deen uwiesend ass, hir Rechter a Pflichten.

### **Sekretär** (m/w)

De Sekretär (m/w) féiert d'Veräinskorrespondenz. Iwwer all Beschlëss aus de Veräinsversammlungen huet hie Buch ze féieren. An der Generalversammlung mécht hien e Rapport iwwer di lescht Generalversammlung an iwwer d'Aktivitéite vum Veräin.

D'Sekretariat kann no Bedarf erweidert ginn.

De Sekretär (m/w) respektiv säi Vertrieder (m/w) verwalt Datë vun de Memberen an enger elektronescher Datebank.

### **Caissier** (m/w)

De Caissier (m/w) verwalt all Einnamen an Ausgabe vum Veräin a féiert Buch driwwer, fir se dem Kommitee an der Generalversammlung virzeleeën. De Caissier (m/w) ass haftbar fir all déi him uvertraute Gelder a Beleeger.

An der Generalversammlung mécht hien de Bericht iwwer d'Finanzsituatioun vun der Gesellschaft.

No Bedarf kann d'Gerance vun der Keess erweidert ginn, z.B. akasséiere vun de Memberskaarten.

Hien ass selbstverständlech haftbar fir déi him uvertrauten Aarbechten.

## **Keeserevisoren** (m/w)

D'Keeserevisore (m/w) ginn all Joer vun der Generalversammlung ernannt. Et sinn 3 aktiv oder inaktiv Memberen, déi net am Kommitee sinn, vun deene mindestens een ~~Sänger~~ aktive Member muss sinn.

Si kontrolléieren d'Comptabilitéit, d'Keess an déi ofgeschlosse Joresofrechnung.

E schrëftlechen oder mëndleche Bericht iwwer d'Finanze gëtt all Joer an der Generalversammlung vun de Keeserevisore (m/w) gemaach.

## **Dirigent** (m/w)

D'Kandidate fir Dirigent(m/w) gi vum Kommitee erausgesicht an den aktive Membere proposéiert. Virun den aktive Memberen mécht de Kandidat eng praktesch Prüfung a gëtt duerno vum Kommitee provisoresch ernannt. An der nächstfollgender Generalversammlung gëtt den Dirigent (m/w) mat der absolutter Majoritéit vun de Memberen déi do sinn oder representéiert sinn,definitiv bestëmmt. Wa keng Majoritéit zustane kënnt muss de Kommitee d'Plaz nei ausschreiwen. Säin Aarbechtsverhältnis gëtt duerch e Vertrag gereegelt.

Den Dirigent (m/w), deen och aktive Member an doduerch stëmmberechtegt ass kann am Kommitee bei musikalesche Froe matschaffen, ass awer net berechtegt, seng Kandidatur fir de Kommitee ze stellen.

D'Ofberuffung vum Dirigent (m/w) geschitt duerch Kommiteesbeschloss no Récksprooch mat den aktive Memberen.

Den Dirigent (m/w) ass responsabel fir déi musekalesch Leedung vun der Gesellschaft. De Kommitee beschwätzt mat him d'Programmgestaltung an de Joreskalenner fir Concerten a Veranstaltungen.

An der Ausübung vu senger Funktioun si seng Uweisungen onbedéngt auszeféieren.

Den Dirigent (m/w) huet d'Recht, mam Averständnis vum Kommitee engem aktive Member nozeleeën, wann et noutwendeg ass, bei engem Concert oder engem ëffentlechen Optrëtt net matzesangen (z.B. bei Mangel u Prouwen).

## **Aktiv Memberen**

Di aktiv Membere si verflicht, bei alle Prouwen an Optrëtter gewëssenhaft, disziplinéiert a pünktlech derbäi ze sinn. Wie verhënnert ass, soll sech direkt oder iwwer en anere Member am viraus beim Dirigent (m/w) entschëllegen.

Dat Veräinseegentum dat de Memberen uvertraut gëtt, kann nëmmen am Veräinsinteresse benotzt ginn. Ausname fir e frieme Gebrauch musse vum Kommitee geneemegt ginn. D'Verléine vu Veräinseegentum u Memberen oder Drëttpersoune gëtt mat enger Quittung beluecht. Schied oder Verloschter, déi der Gesellschaft doduerch entstinn, sinn zu Laaschte vum Schëllegen.

# K) Veräinsverméigen

D'Veräinsverméige besteet aus:
a) der Veräinskeess
b) dem Inventar

### a) D'Veräinskeess

D'Veräinskeess gëtt gespeist duerch Subsiden, Schenkungen, Subventiounen an Netto-Einname vun de Veräinsveranstaltungen. Ausserdeem fléissen an d'Keess d'Joresbäiträg vu sämtleche Memberen, déi vun der Generalversammlung festgeluecht ginn a maximal 100 EURO neet däerfen iwwerschreiden. Zousätzlech gëtt d'Keess gespeist duerch järlech Beiträg vun inaktive Memberen, woubäi de Minimum vum Bäitrag vun der Generalversammlung festgeluecht gëtt.

D'Veräinskeess huet all Ausgaben ze bezuelen, déi zu Laaschte vum Veräi ginn a vum Kommitee geneemegt sinn.

Bei Veräinsausflig oder bei aneren aussergewéinlechen Ausgaben, déi d'Veräinskeess iwwerlaaschten, kann de Member erugezu ginn, fir sech un de Käschten zebedeelegen.

### b) Inventar

Sämtlecht Material vum Veräi steet ënnert der Kontroll vum Caissier (m/w). De Kommitee bestëmmt en Inventarverwalter (m/w). Bei Bedarf kann dës Missioun erweidert ginn. Den Inventarverwalter (m/w) féiert Buch doriwwer. Dëse Bericht ass en Deel vun der Comptabilitéit, deen de Keeserevisoren (m/w) beim Joresofschloss präsentéiert gëtt.

All Member ass verflicht, dem Kommitee matzedeelen, wa Veräinseegentum verluer gaangen ass oder gefléckt muss ginn.

## L) Statutenännerung

Ännerunge vun de Statute musse gemäss dem Gesetz erfollegen.

## M) Opléisung vun der Gesellschaft

D'Opléisung vun der Gesellschaft erfollegt no de Bestëmmunge vum Gesetz vun eiser Associatioun sans but lucratif, wa manner ewéi 10 Memberen ageschriwwe sinn.

Bei Opléisung vun der Gesellschaft ass dat ganzt Eegentum a Veräinsverméigen der Gemeng vu Beetebuerg ze iwwerdroe mat der Bestëmmung, dat et nëmmen un e Gesangveräin ausgehändegt ka ginn, dee banne 5 Joer an der Gemeng Beetebuerg nei gegrënnt gëtt. As dat net de Fall, fält dat ganzt Veräinsverméigen un den Office Social vun der Gemeng Beetebuerg.

All aktive Member muss d'Bestëmmunge vun dëse Statute respektéieren. Hie kritt se iwwert elektronesche Wee geschéckt a fënnt se op der Homepage vun der Chorale.

Fir alles, wat net speziell duerch dës Statute gereegelt ass, gëllt d'Gesetz vum 21. Abrëll 1928, respektiv vum 7 August 2023 sou wéi et ëmgeännert gouf.

Beetebuerg, de 17. Oktober 2024

## De Kommitee:

Einsweiler Lucien

Kettel Jeanny

Hoscheid-Weber Jill

Hennico Roger

Graas-Wealer Mariette

Krause-Stoos Maggy

Laures-Aelbrecht Sylvie

Majerus Jean

Mackel Marc

Poeckes-Origer Josiane

Roesgen-Dohm Monique

## Eis Präsidenten (m/w)

1920-1923 Nic. Putz

1923-1925 Emile Klensch

1925-1926 Evrard Hourscht

1926-1 930 Ferd. Poncin

1930-1934 Jean Ergen

1934-1940 Jean Delfel

1945-1949 Jean Delfel

1950-1959 Henri Wesener

1960-1968 Gustave List

1969-1993 Alfred Siebenbour

1993 Lucien Einsweiler

## Eis Dirigenten (m/w)

1920-1925 Phil. Warnimont

1925-1928 Jean Jominet

1929 Warnimont/Hülsemann

1930-1940 Mich. Hülsemann

1935/1965 J.P. Weiler (Kirfechtsänger)

1945-1952 Jos Kinzé

1952-1956 H. Pleger / J. Kirpach

1956-1966 Jos Kinzé

1966-1974 Fernand Jung

1974-1993 Jos Kinzé

1993-1995 Aloyse Schaefers

1996 Nancy Back-Kelsen

---